**BASTIAN Tony** (1890-1963) (Grand Duché de Luxembourg) Originaire de Luxembourg, fonctionnaire de l'Etat.

Auteur de revues « Kss, kss, kss », 1914 (avec Jemp Gehlhausen), « A gewichst ! » 1925 (avec Emil Boeres, August Donnen et Jemp Gehlhausen).  Poète.

**Den Alen**

E Béifchen, héich ewéi en Dapp,
Koum mol säi Grousspapp fron
« Fir wat hues du teng Hor um Tapp ? »
« Teng Zänn am Mond méi ston ? »

Den Éimche  laacht säin Enkel un :
« Nu kuck een dee Verstand !
Wann d'Leit keng Hor an Zänn méi hunn,
Da sinn se al, mäi Kand. »

Eng kleng Zäit drop krut eise Bouf
E Bridderche geschenkt;
Mä wéi em d'Kand gewise gouf,
Du fällt e bal an d'Kränkt.

E jamert mat erstéckter Stëmm,
Rifft d'Englen all erof.
D'Leit tréischten hien all ronderëm:
« Wat ass geschitt, mäi Schof ? »

Du reift en d'An mat béiden Hänn
A seet, vum Kräische midd:
« En huet teng Hor, en huet teng Zänn !
Mir hunn – en Alen tritt. »